piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 01/11/2026

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Kultur & Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.

Een Tageblatt-Artikel vum 19ten Oktober hat rezent den Asaz vun Tropenholz bei den CFL thematiséiert. A menge parlamentaresche Fro n° 4181 an 4410 war ech och schonn op dëst Thema agaangen.

Am Fonds-de-Gras zu Péiteng gouf een hëlzent Trapepodest mat Tropenholz gebaut, mee d'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte konnt mir net op meng Froen äntweren, well de Projet net vun hirem Ministère duerchgefouert gouf.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Gouf fir dat hëlzent Trapepodest um Fonds-de-Gras zu Péiteng dat afrikanescht Birenholz Baillonella toxisperma (Moabiholz) genotzt?
    1. Falls jo: firwat ass fir dëse Podest Tropenholz agesat ginn? War dat wierklech néideg?
    2. Falls nee, wéi een Holz gouf genotzt?

2. Kann den zoustännege Minister den Zertifikat (FSC oder PEFC) presentéieren, dee weist, dass d'Holz vun dësem Podest nohaltëg ass?

Mat déiwem Respekt,

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN



GOERGEN Marc

Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés